adr

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Juli 2024

<u>Betrëfft</u>: Zougang zu den Dokumenter

Här President,

De 16. Juli hutt Dir als "Invité vun der Redaktioun" iwwert den Zougang zu den Dokumenter fir d'Deputéierten, sou wéi et an där neier Verfassung definéiert ass, ënner anerem dat hei gesot: "*An der Chamber selwer, an et ass jo dat wat lo hei ugeschwat gëtt, huet d'Chamber op Basis vun dem Artikel 75 vun der Constitutioun ganz kloer Rechter fir all déi Dokumenter ze kréien, déi se wëllt an dat Reglement wat ma an der Chamber hunn, Artikel 84, e ganz laangen Artikel, beschreift ganz kloer, wéi dat muss goen, d'Regierung kann der Chamber keng Dokumenter méi refuséieren, wann d'Chamber déi brauch fir de Kontroll deen se konstitutionell ka maachen, muss maachen vun der Regierung. Dat ass ganz ganz kloer an dat ass och meng Aufgab fir duerfir ze garantéieren. An all Demande déi bis lo vun engem Deputéierten erakomm ass fir Dokumenter vun der Regierung ze kréien, ass och un d'Regierung weidergeschéckt ginn an déi Dokumenter kréie ma*".

Weider hutt Dir dann och am Hibléck op all aktuell Fäll, wéi zum Beispill den Audit vum "Science Center" preziséiert, datt d'Deputéierten dës Dokumenter zwar am Eenzelfall musse confidentiel behandelen, mee, dat u sech stellt keen Ausschlossgrond duer. Den 23. November 2023 hat den honorabelen Deputéierte Sven Clement eng Demande un d'Madamm Gesondheetsminister gestallt, fir d' "Advance Purchase Agreements" an d' "Vacine order forms" anzegesinn. Sou wéi Dir et op der Antenn vun RTL gesot hutt, hutt Dir och de 27. November e Bréif un den Här Staatsminister an d'Madamm Minister fir d'Relatioune mam Parlament geschéckt andeems dir d'Regierung opgefuerdert hutt, dem Deputéierte Clement senger Demande nozekommen.

Den 1. Februar war allerdéngs dunn am Lëtzebuerger Wort ze liesen, datt den Deputéierten sech an där Fro un d'Geriicht adresséiert hätt, well d'Regierung senger Demande net nokomm wier. Här Präsident, kënnt Dir am Sënn vun der Transparenz a vum Vertraue vun de Bierger an d'Institutioune matdeelen, ob d'Regierung Ärer Opfuerderung vum 27. November nokomm ass? Falls jo, zu wéi engem Datum ass dat geschitt, ënnert wéi enger Nummer sinn déi entspriechend Dokumenter enregistréiert an ënnert wéi engen Ëmstänn kënnen d'Deputéierten se kucken?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos

Deputéiert